LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro n° 1536 vum 18. November 2024 vum honorabelen Deputéierten Tom Weidig zum Thema «Évaluation des tests de LU-Alert»**

**Fro 1**

D'Technologie vum Cell Broadcast ass eenzegaarteg an zeechent sech mat deem "opfällegen" Toun aus. Dëst ass e weltwäite Standard a gëtt an anere Länner och sou agesat. Et stëmmt deemno, dass dëse Warnkanal intrusiv ass. Dëst ass awer explizit esou gewollt well de Cell Broadcast genotzt wäert ginn, fir d'Leit virun enger akuter Gefor ze warnen an si an deem Sënn och direkt reagéieren oder handele mussen.

Wärend der LU-Alert Testwoch hunn eis just e puer vereenzelt Bierger matgedeelt, dass den Testmessage, dee si via Cell Broadcast geschéckt kruten, hirer Meenung no ze haart wier.

Generell ass mir de Feedback zum LU-Alert System ganz wichteg. An deem Sënn fënnt een um Internetsite www.lu-alert.lu ee Kontaktformulaire iwwert deen d'Leit hir Froen oder Remarquen zum LU-Alert System eraschécke kënnen. D'Zil vum LU-Alert System ass et fir d'Leit beschtméiglech ze warnen an an deem Sënn ass et eis och wichteg een oppent Ouer fir konstruktiv Verbesserungsvirschléi ze hunn.

**Froen 2 an 3**

Mir ass net bekannt, dass d'Cell Broadcast Messagen, déi am Kader vun der LU-Alert Testwoch verschéckt goufen, wäit ewech am Ausland empfaang solle gi sinn.

**Fro 4**

Beim Cell Broadcast ass et effektiv esou, dass de System kee Retour iwwert d' Receptioun vum Message vun den Handye kritt an deemno net gewosst ass, op wéi enge Geräter de Warnmessage, dee per Cell Broadcast verschéckt gouf, ukomm ass. Aus deem Grond huet mäi Ministère am Uschloss un d'LU-Alert Testwoch eng Ëmfro lancéiert bei där d'Leit ënnert anerem gefrot goufen, ob si e Cell Broadcast Message op hirem Handy kritt hunn oder net.

Grënn, aus deenen e Cell Broadcast Message eventuell net ukomm wier, kann een um Internetsite www.lu-alert.lu noliesen.

Ugemierkt sieft hei nach, dass d'Tester vum technesche Standpunkt hir gutt verlaf sinn.

**Fro 5**

D'Verschécke vun de Cell Broadcast Messagen am Kader vun der LU-Alert Testwoch ass zesumme mat de Lëtzebuerger Handyprovider duerchgefouert ginn.

Lëtzebuerg, de 4. Dezember 2024
Den Inneminister
(s.) Léon Gloden